Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 30. Januar 2026

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Säit dem Freideg, 30. Januar 2026, sinn an den Tunnelle Grouft a Stafelter a béid Richtunge Spueren zou. Besonnesch zu Zäite vum Beruffsverkéier kënnt et zu kilometerlaange Stauen an deementspriechende Stress bei Leit, fir déi et immens schwéier gëtt, den Trajet fir op d'Aarbecht nach zouverlässeg ze plangen. Och owes no Feierowend mussen si dann nach eng Kéier zousätzleche Stress a Kaf huelen. Als Ursaach gëtt en Defekt un der Ventilatioun genannt, déi schonn an der Vergaangenheet fir Probleemer gesuergt huet. A béide Fäll handelt et sech den Informatiounen aus der Press no ëm Apparater vum selwechten Hiersteller. En Datum, wéini de Verkéier hei nees normal funktionéiere soll, gëtt net genannt.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës dréngend Froe stellen:

1) Firwat gëtt keen offiziellen Datum matgedeelt, bis wéini den Trafic an deene genannten Nordstroosstunnellen sech nees soll normaliséieren? Wéi een ongeféieren Zäitraum gëtt fir d'Aarbechten envisagéiert?
2) Wéi eng Firma huet déi aktuell Ventilatore geliwwert? Ass dës Firma och fir d'Maintenance zoustänneg?
3) Firwat gouf, sou wéi et sech de Presseinformatiounen no duerstellt, decidéiert, grad an dësen zwee Tunnelle mam System vun deem bestëmmten Hiersteller ze schaffen? Mat wéi vill verschiddenen Hiersteller schaffen d'Regierung an d'Stroossebauverwaltung bei der Ausstattung vun eisen Tunnelle mat Ventilatoren aktuell zesummen? Kann d'Madamm Minister an deem Sënn, souwäit et den Dateschutz zouléisst, eng Opschlësselung no Tunnel a Firma presentéieren?
4) Kéint d'Madamm Minister sech virstellen, de Kontrakt am Fall vu weidere Probleemer an deenen zwee spezifeschen Tunnellen nei auszeschreiwen, respektiv direkt op ee vun deenen aneren, etabléierten Ubidder ze wiesselen?
5) Wéi vill hunn d'Installatioun vun der Ventilatioun an deenen zwee Tunnelle souwéi den Ënnerhalt an de Joren 2015 bis 2025 alljoers kascht? Wéi presentéieren déi Zuelen sech am Verglach mat den Installatiounen an dem Ënnerhalt an eisen aneren Tunnellen?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten